ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. August 2018

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukture weiderzeleeden.

Verkéiersvirschréfte sinn do, fir de Verkéier vernënfteg a sécher ze reegelen. Dozou gehéieren och sënnvoll determinéiert Geschwindegkeetsbegrenzungen an awer och Mindestgeschwindegkeeten.

An deem Kontext géif ech dem Här Minister gär dës Froe stellen:

1. Op den Autobunne sinn nëmmen esou Gefierer zougelooss, déi eng Mindestgeschwindegkeet vu 40 km/h realiséiere kënnen. Wéi laang ass dës Reegelung schonn a Kraaft?
2. Firwat duerf ee mat engem 50 ccm d'Autobunn aktuell net benotzen, wann do Gefierer zougelooss sinn, déi eng Mindestgeschwindegkeet vun nëmme 40 km/h musse realiséiere kënnen?
3. Och duerch ze niddereg Geschwindegkeete kënnen Accidenter verursaacht ginn – besonnesch op enger Autobunn, wou vill aner Gefierer mat 130 km/h fueren. Fënnt den Här Minister, datt 40km/h nach eng adequat Mindestgeschwindegkeet fir op der Autobunn ass, oder ass hien der Meenung, datt déi Mindestgeschwindegkeet misst eropgesat ginn? Kéint den Här Minister seng Usiicht kuerz begrënnen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique